N°2424
Entrée le 06.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2025
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8 |
|---|
| Référence : 358/25 |
| 06 JUIN 2025 |
| A traiter par<br>Copie à |

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 6. Juni 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministesch weiderzeleeden.

D'Biodiversitéitsprogrammer sinn e wichtegt Instrument am Kader vun der Ëmsetzung vun de Naturschutzziler hei am Land. D'Zil vun engem intégréierten Naturschutz muss et sinn, d'landwirtschaftlech Produktioun ze erhaalen an d'Biodiversitéit ze schützen. Allerdéngs schreift de « Règlement grand-ducal du 24 juillet 2024 relatif aux aides en faveur de la sauvegarde de la biodiversité » net vir, datt d'Aiden un de Statut vum aktive Bauer gebonne sinn, deen am Agrargesetz vun 2023 verankert ass. Als aktive Bauer gëllt, eng Persoun, déi e.a. eng landwirtschaftlech Aktivitéit ausüübt, eng landwirtschaftlech Ausbildung huet, als onofhängege Bauer bei der CCSS gemellt ass an déi manner wéi 72 Joer huet.

An dem Zesummenhang wollte mir follgend Froen un d'Madamm Landwirtschaftsministesch stellen.

- Wéi vill Betriber maache bei de Biodiversitéitsprogrammer insgesamt mat?
  - Wéi vill aktiv Bauere respektiv wéi vill net-aktiv Bauere maache mat?
  - Wéi vill Hektar, déi ënnert dem Regime vun de Biodiversitéitsprogrammer ënnerleien, gi vun aktive Baueren, respektiv vun net-aktiv Bauere bewirtschaftet?
  - Wann Kontrakter mat net-aktive Bauere gemaach ginn, wien sinn d'Beneficiairen?
- Wéi vill Prozent vun der landwirtschaftlecher Notzfläch ënnerleien dem Regime vun de Biodiversitéitsprogrammer?
- Wéi vill Prozent vun den ausbezuelte Primme ginn un aktiv Bauere respektiv un net-aktiv Baueren ausbezuelt?
- Wéi gesäit d'Altersopdeelung vun de Beneficiairen aus?
- Wéi ass d'Evolutioun vun de Flächen ënnert de Biodiversitéits-Programmer?

- Huet sech an de leschte Méint/Joeren eng Verännerung gewisen?
- Kënne déi gesaaten Ziler ereecht gin?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Stéphanie Weydert** | **Jeff Boonen** | **Octavie Modert** |
| **Deputéiert** | **Deputéierten** | **Deputéiert** |

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2424 vum 6. Juni 2025 vun den éierewäerten Députéierten Stéphanie Weydert, Jeff Boonen an Octavie Modert**

1. **Wéi vill Betriber maache bei de Biodiversitéitsprogrammer insgesamt mat?**

Bis Enn Februar 2025 hunn insgesamt 718 Betriber op mannst ee Kontrakt ënner dem neie Biodiv-Règlement am lafen, wat 39,6% vun de Betriber duerstellt.

- **Wéi vill aktiv Bauere respektiv wéi vill net-aktiv Bauere maache mat?**

Ënner dem neie Biodiv-Règlement huelen insgesamt 655 aktiv an 63 net aktiv Baueren deel wat engem Verhältnes vun 91% zu 9% entsprécht.

- **Wéi vill Hektar, déi ënnert dem Regime vun de Biodiversitéitsprogrammer ënner leien, gi vun aktive Baueren, respektiv vun net-aktiv Bauere bewirtschaftet?**

Insgesamt sinn ënner dem neie Biodiv-Règlement (2024) 9 069,5 Hektar u Flächen ënner Kontrakt. Dovunner ginn 8 878,7 Hektar vun aktiv Bauere bewirtschaftet (97,9%) an 190,9 Hektar vun net-aktiv Bauere (2,1%).

- **Wann Kontrakter mat net-aktive Bauere gemaach ginn, wie sinn d'Beneficiairen?**

Bei Kontrakter mat net-aktive Bauere gëtt et eng grouss Unzuel u verschidde Beneficiairen, ënner anerem: Baueren, déi d'Krittäre vum aktive Bauer aus dem Agrargesetz vun 2023 net (méi) erfëllen, privat Proprietairen vu landwirtschaftleche Flächen, Societéiten an Etablissements publics.

2. **Wéi vill Prozent vun der landwirtschaftlecher Notzfläch ënnerleien dem Regime vun de Biodiversitéitsprogrammer?**

Wann een d'Gréisst vun de Referenzparzellen fir d'Joer 2025 vun 122 781 Hektar mat der Unzuel un de Biodiversitéitsprogrammer vergläicht, kënnt een op insgesamt 9 069,5 Hektar Fläch, op déi am Joer 2024 e Biodiv-Kontrakt gelaf ass. Dëst Zuel bezitt sech op all gemellt Parzellen.

Wann een d'Referenzparzelle mat de Parzellen iwwerschneit, op deenen e Biodiv-Kontrakt leeft, kann een déi eligibel, d.h. déi primabel Flächen identifizéieren, op deenen e Biodiv-Kontrakt leeft. Insgesamt kënnt een doduerch op 8 664,65 Hektar eligibeler Fläch mat Biodiv a 404,86 Hektar Flächen, déi ausserhalb vun de landwirtschaftleche Referenzparzelle leien, deemno léit ënner dem neie Biodiv-Règlement op 7,1% vun der produktiver landwirtschaftlecher Notzfläch am Land e Biodiv-Kontrakt.


Ënner dem neie Biodiv-Règlement leit d'Majoritéit (56%) vun de Biodiv-Flächen an engem Gebiet, dat sech mat op mannst engem nationale Schutzgebitt iwwerschneit. Als Schutzgebidder gi gezielt Natura 2000 Flächen (Directives habitats et oiseaux), Biotoper (l'article 17 de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la Nature), Zones protégées d'intérêt national (ZPIN, réserves naturelles et réserves forestières intégrales conformément à la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles), Zones de protection d'eau potable (ZPS, créées et en procédure) an Zones de protection sanitaires du barrage d'Esch-sur-Sûre.

3. **Wéi vill Prozent vun den ausbezuelte Primme ginn un aktiv Bauere respektiv un net-aktiv Baueren ausbezuelt?**

Am Joer 2024 sinn insgesamt 4 661 498 € u Biodiv-Primmen ausbezuelt ginn (ale & neie Biodiv-Règlement, virleefeg Zuele Stand Februar 2025). Dovunner sinn un aktiv Baueren insgesamt 4 544 490 € iwwerwise ginn (97,5%), net-aktiv Bauere kruten insgesamt 117 008 € iwwerwisen (2,5%).

4. **Wéi gesäit d'Altersopdeelung vun de Beneficiairen aus?**


Et ënnerschreiwen tendenziell méi jonk Bauere Biodiv-Kontrakter. Insgesamt ginn ongeféier 21 % vun de Betriber mat Biodiv-Fläche vu Bauere gefouert, déi manner wéi 40 Joer hunn, 66% vu Bauere, déi manner wéi 60 Joer hunn.




D'onbekannt Grupp ass op déi Fäll zeréckzeféieren, wou keng physesch Persoun als Chef d'exploitation gemellt ass oder wa méi wéi eng physesch Persoun am Numm vun engem Betrib representéiert ass.

5. **Wéi ass d'Evolutioun vun de Flächen ënnert de Biodiversitéits-Programmer?**
   - **Huet sech an de leschte Méint/Joren eng Verännerung gewisen?**

Zenter dem Akraafttriede vum neie Biodiv-Règlement am Joer 2024 kann eng Hausse vun de Biodiv-Fläche festgestallt ginn. Wärend ënner dem ale Règlement insgesamt 6 570 Hektar Fläch gemellt gouf, koum et zënter der Aféierung vun de neie Reegelen zu enger Erhéijung vun 38,1% op 9 070 Hektar.



- **Kënne déi gesaten Ziler erreecht ginn?**

De PNPN3 definéiert als Zill fir d'Gestioun vun de Biodiv-Kontrakter dat follgend (p.27):
*"Il est visé de gérer 10 % de la surface agricole utile sous contrat biodiversité, équivalant à 13.000 ha, en se focalisant notamment sur les zones protégées, les pollinisateurs, les herbages et les oiseaux des milieux agraires."*

Am Hibléck op de rezente Wuesstem vun de Biodiv-Flächen an op d'Efforte vun der ANF an de biologesche Statioune fir d'Ëmsetzung vum Programm ginn ech dovunner aus, dat d'gesat Ziler bis 2030 kënnen erreecht ginn.

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau